

den Antoine-Antun-Tunn MEYER (1801-1857)

vum Lex Roth

Papp vum geschriwwene Lëtzebuergesch



D'Stad 1801? D'Fransousen haten d'Festung ferm am Grëff. D'Mauere stongen nach alleguer; den herrleche Relief-Plang vun 1805 (Musée a Syndicat d'Initiative) gëtt äis eng plastesch a praktesch Iddi dovun. Matzen dran huet an der 'Dräikinnegaass' de Schouster Meyer fir sech an seng Famill seng Kuuscht verdéngt, och fir dee klengen 'Antun', deen en aussergewéinlech dichtege Käppchen hat an net wäit ewech, bei der Cathedral, an de Kolléisch gaang ass; **hie guff herno esouguer Professor an der Mathematik zu lechternach, huet et op der Universitét zu Léck - an dat muss een sech emol virstellen - bis zum 'Doyen', dem Chef vun der Fakultéit fir Mathematik a Physik bruecht;** dat eleng misst jo ewell op eiser Universitét e puer Gedanken un d'Wibbele kréien ! Iwrengs och zu lechternach.

Den Antun hat 14 Joer, **dunn hunn d'Kapphäre vun Europa 1815 zu Wien de Lännerkuch nom 'Ampoljong' frësch opgedeelt;** 'mir' guffen eng butzeg Täschen-Auerche fir den Oranier-Klatzkapp Wëllem I. Dee wollt aus 'äis', géint de Vertrag vum 'Wiener Kongress' e Stéck vu sengem Holland maachen, an zwar mat allem, wat dat geheescht huet, och mat der Sprooch. Dorun huet den Tunn Meyer geknat, ower net nëmme gegrommelt; hien huet dat gemaach, wat (och haut nach !) dat eenzegt Richtegt ass: GESCHRIBBEN.

Mä wéi schreift een eng 'Schwätz', déi et bis dohinner a kenger Zeil ginn ass ? Also huet den Tunn Meyer sech eng Schreifweis 'geknätzt', Gedichter gemaach... an déi mat 28 Joer (1829) erausginn: **E Schrëck op de Lëtzebuerg Parnassus.** Dat ass e Verdéngscht, mat deem de Professor Meyer ganz sécher an e Lëtzebuerg 'Panthéon' giff gehéieren ! Hien ass domat de Papp vum geschriwwene Lëtzebuergesch, wann dir wëllt, vun eiser 'Literatur' an der Sprooch vum Land. Mir wëssen, datt all Schreiwerten no him sech eng Nues voll, vrun allem Courage, beim Meyer geholl hunn... **dat seet äis apaart, datt deen héichgeléierte Professor sech vrun 180 Joer net ze schued war, senger klenger Mammesprooch eng schrëftlech Chance Fong ze ginn...** déck 20 Joer vrun Diedenhofen, Gangler, Dicks, Lentz, Rodange... !

Wien den Tunn Meyer méi genee wëllt kenne léieren, dee soll sech **dem Professor Roger Müller seng déif-wëssenschaftlech 'Meyer-Biographie'** uschaffen, déi am Kader vum Centre de Littérature (CNL) vu Miersch erauskomm ass. Da versteet ee vläicht och besser, datt mir dem 'Antun' méi schëlleg sinn ewéi de verschimten Numm vun enger butzeger Niewestroos-Mir hunn elo probéiert, do eng Grimm um **Professor-Dichter säi Gebuerts- / rue Chimay' e bronzen Éiere-Memat enger Schrëfttafel op.** e Samschdeg, den 19. Dezember, em 11 um Knuedler, ginn da mat der 'Strépp sek' iwver de Knuedeler op de Gruef, d'Paschtoueschgaass a vun do erof bis Medaillon fir den Tunn Meyer an



Timber / Käppche vun 1979, deen d'A.L. fir den A. Meyer igestiwweilt hat. Haut de Modell fir säi Medaillon.

Dat Haus, op Nr. 3 an der 'rue Chimay', ass klasséiert a ganz gutt a sengem Originalzoustand erhal. Et gong vrun e puer Joer an d'Proprietéit vun der Firma 'MPK / Valora' iwver a guff exemplaresch restauréiert; mir soe merci fir Erlaabnës, datt de Souvenir un den éischten Dichter an eiser Sprooch op hirer Fassad eng Plaz huet däre kréien.

Fir d'Geleeënheet vun dësem verdéngten a feierlechen Udenken hunn d'Madame Directrice Germaine Goetzinger vum CNL an de Professor Roger Müller mat hire Leit em d'Mëtt Dezember eng extra Fënster iwver den Tunn Meyer fir iech an dem Bicherbuttek 'um Gruef' mam Här Fernand ERNSTER an der Maach. Wann dat net aktuell ass... !

Ceterum censeo (35)... emol emgedréint

De Silverio Rendini, den Manuêlo Antunes, de Rolf Antlauer, de Firmin Van Einde, de Jérôme Savarin asw. schreiwene äis:

« Léif Lëtzebuerg, ech giff gär Lëtzebuerg ginn. Dir huet jo Gesetze, déi mir dat méiglech maachen, ower an deem leschten ass eppes, dat kann ech einfach net verstoen: Dir wëllt mir är Nationalitéit nëmme ginn, wann ech och Lëtzebuergesch kann. Firwat dann ? Wou ass an ärer Constitutioun geschriwwen, datt dir dat vu mir kënnt verlaangen ? Also, op watfir engem Fong steet déi Sproochegeschicht ? Gewëss, dir huet e Sproochegesetz, dat vu Verwaltungs- a Gerichtsprooch schwätzt; do sinn ower 3 Sproochen dran ernimmt, an zwar Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch. Mä wat huet dat offiziell Gebitt mat menge perséinleche Sproochkenntnisser fir är Nationalitéit ze dinn ? Nom Geescht vun deem Gesetz geet et jo dann duer, wann ech eng vun deenen 3 Sprooche kann, fir Lëtzebuerg ze ginn, deemno Lëtzebuergesch, mä och Franséisch an Däitsch, oder ? »

Hunn déi Leit dann elo Recht oder net ? An hire Länner steet d'Sprooch vum Staat am Grondgesetz. Wier dat e Fall fir e Spezialist am 'droit constitutionnel' oder net... a wa méiglech zu Stroosbuerg ?

L.R.

den Här Jeannot Oestreicher...

... ass en treie Lieser vun eiser KLACK, an hien hat äis, grad ewéi den Tit Feider, geschriwwen, datt 'eng Zull', vun deer hei rieds war, och nach dee kromme Réierchen um Kaffisbiz wier; richtig... iwrengs ass e 'Biz' eiser typescher Wierder eent, an et huet esouguer méi ewéi eng Bedeitung

Den Här Oestreicher huet als Kand zu Esch-Sauer gewunnt... a mengt sech net nëmme e bëssen, datt den Alain Atten do e Komerod war. D'Stroossen hate 'bei de Leit' all hiren Numm, sou wéi dat iwrengs an de meeschten Uertschaften de Fall ass... oder war. Eise Korrespondent wunnt haut zu Colmer... am 'Laangefeld', an hie schreift äis do vun der 'Gässel', vum 'Éneschte Wee', vu 'Geessemillen', 'Schouisberg' asw. Hie sollt ower op de Réck falen, wéi hien emol rëm 'heem' op Esch-am-Lach komm ass a gesinn huet, wat si do mat de gudden alen Nimm gemaach hunn: aus der 'Broutgaass' war eng 'rue du Pont' ginn, 'op déi Säit' haten se 'rue de Kaundorf' emgedeef, de 'Schoofspull' war elo eng 'rue de Lulzhausen', de 'Gruef' eng 'rue des Remparts' asw.

Här Oestreicher, en ale Sproch: Wien sech näischt mécht, deen ass näischt ! Mä da gitt emol hin, a frot ziviliséiert an der Gemeng, ob 'si' do näischt kënnen oder wëlle maachen. Mir hunn ewell Dosende vu Gemengen, wou dat just emgedréint geschitt ass. Kuckt dat emol zu Simmer un, zu Briedemes, zu Bartreng, zu Suessem/Bieles, Leideleng, Käerjeng asw. Mir hunn an de meeschte Fall esouguer (gär a gratis !) gehollef.

Evangelium op Lëtzebuergesch

Wéi mir 1971 als ACTIOUN-LËTZEBUGESCH 'ugerappt' hunn guffen **d'Hauptgebitter agedeelt, fir eiser Sprooch op eng verstänneg Manéier hir Plaz 'bei de Leit' ze verschafen.** Nieft der Schoul an enger Partie anere Gebitter war et klor, datt eis Sprooch an der Kierch eng wichteg Roll ze spillen huet.

De Mass-Kanon, e ganz kriddlege liturgeschen Text, war als éischt 'Probéierchen' un d'Rei komm. De President vun der A.L. krut d'Éier, fir zesumme mat den Hären Alain Atten a Paul Leuck deemols seng Versioun nieft hirer ze maachen. Aus der Mëschung (Synthes) vun dësen 3 Texter huet de Bistum dann säin Text zesummegeallt. Mengt jo nëmme net, all Geeschleche wier dofir direkt an d'héi Luucht gesprong... mä d'Äis war gebrach ! Mir haten déi **allerbescht Relatioun mam Chef vun der Lëtzebuerg Kierch, dem Här Bëschof Jean Hengen,** deen äis selwer weider, am Sënn vum 2. Vatikanesche Konzil, encouragéiert huet ; och bei sengem Generolvikar, dem Här Mathias Schiltz hu mir vill Sympathie fir eist Uleies fonnt ; duerno krute mir beim **Monseigneur Fernand Franck déiselwecht Stäip** fir eis Sprooch an der Kierch... an déi zwéi Bëschofen haten d'Sëlwerplack Dicks-Rodange-Lentz vun der A.L. éierlech zegutt !

Datt **elo en 'Evangeliar' op Lëtzebuergesch** erauskomm ass, kënne mir als logesch Folleg vun deer Rëtsch vun all deenen Initiative gesinn; zënter Joere gesitt dir samschdes lëtzebuergesch Evangelien-Texter an der Zeitung. Déi loossen sech net am Handëmdréies aus dem Griecheschen, dem Latäin an och anere Sproochen 'eriwverbrueden' ; dofir brauch et vill Wëssen, Ausdauer, Courage a Léift fir d'Saach... a 'gutt Leit' wéi eise Comité-Member, den Här Abbé Claude Bache, deem hei en apaarte Merci gesot soll ginn ! Iwver d'Graf eraus si mir fir 'eise Claude' beim Här Dechen Arthur Reckinger an der Schold.

Als héich Unerkennung iwwereecht d'Actioun-Lëtzebuergesch der Diozesancommissioun fir d'Bibelüwersetzung dofir dëst Joer hir sëlwer Verdéngschtplack. Déi ass méi ewéi verdéngt !

eis Hausnimm

Op de wonnerbare **Walfer Bicherdeeg** si mir dëst Joer nees mat ganz ville sympathesche Leit op eise Stand an d'Gespréich iwver eis Sprooch komm. D'Madame Mady Frieden-Mertens vun Hoen, huet äis emol rëm op dat intressant Kapitel vun den HAUSNIMM gestouss, dat och ewell hei an der KLACK en Artikelche kritt hat; si huet äis versprach, déi dacks verwonnerlech Nimm emol vun hirer Uertschaft eranzeginn... vläicht och vun deer ganzer Gemeng Klengbetten . Dat soll dann de **Stack fir eng Actioun ginn, déi tiptopp an d'Uleies vun eiser Actioun-Lëtzebuergesch passt.**

Mir wiere frou, wann esou eng Initiativ a jidfer Gemeng kënnt op d'Been kommen. Da kënnt mir **e flott Bichelche mat den Hausnimm** maachen, hannert deenen de Propriétaire / Awunner vun haut ee mat sengem Numm kënnt verwonneren. Eis Hausnimm sinn e Stéck Geschicht, op d'Manéier vun de Flouer-/Kadasternimm, a wéi ewell hei gesot, de Stack vu villen typesch-lëtzebuergesche Familiennimm (Steffen, Heinen, Nickels asw.). Et gëtt esouguer Leit, déi sech eng Freed draus maachen, den Hausnumm, souzesoen als 'Markenzeichen' extra op engem Schëld nieft der viischer Dier oder engem Glänner ze hunn. Dat ass en Zock vu 'klenger' Kultur, déi ee roueg respektéiere soll.

Wien sech an senger Uertschaft oder Gemeng aktiv wëllt fir dës Iddi intresséieren, dee kann äis d'Resultat vun senger Sich roueg eraschécken. Mir 'späicheren' d'Hausnimm an hir Adress fir eng Publikatioun, dat natierlech net ouni den Numm vun deer Persoun dobäi ze setzen, déi gehollef huet. Äis fannt dir jo op e puer Fassongen hei uewen an der KLACK.